# 25e séance

**Jeudi 23 janvier 1997**

*Présidence*
*M. Jean Spautz, Président*

*Ordre du jour*

7. Débat d'actualité sur la politique de coopération au développement du Luxembourg

## 7. Débat d'actualité sur la politique de la coopération au développement du Luxembourg

**M. Georges Wohlfart**, *Secrétaire d'Etat aux Affaires étrangères, au Commerce extérieur et à la Coopération.*- Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ech si frou, dass mer de Mëtteg an der Châmber d'Geleënheet hun e Réckbléck an och en Ausbléck zesummen ze maachen iwwer d'Lëtzebuerger Entwécklungspolitik. Alleguer si mir frou, dass mer de Stellewäert vun dëser Entwécklungspolitik doduerch kënnen ervirsträichen, dass mer se lassgekoppelt vun der allgemenger Debatt iwwer d'Aussepolitik kënne féieren, well an de leschte Jore substantiell Verbesserungen, wat de Budget ugeet, an nei Instrumenter konnte geschafe gin, déi esou eng Debatt, wéi mir se de Mëtteg wäärte féieren, onerlässlech maachen, och am Hibléck op d'Entwécklungspolitik vum Lëtzebuerger Land am Bléckpunkt vum Jor 2000.

Ech freë mech virop, dass mer an dëser Châmber nach ëmmer, wa mer iwwer Entwécklungsprojetën oder Entwécklungsproblematicke geschwat hun, e brede Konsensus haten, och wann zu deem engen oder anere Sujet positiv kritesch Bemierkungen an Uregunge komm sin. Ech erhoffe mir dat selwecht vun dëser Debatt. Dann hu mer alleguer eppes, wat mer kënne verwäerten an onser dagdeeglecher Aarbecht fir d'Leit an der Drëtter Welt.

Ech wëll de Mëtteg weder op d'Zuelematerial am Detail agoen, dat Dir an engem Dokument ausgedeelt kritt hut, nach wëllt ech op déi verschiddenaarteg Facettë vun der Problematik vun der Drëttweltverschëldung an Drëttweltproblemer am allgemengen agoen. Déi eenzel Diskussiounsriedner wäärten dat sécherlech maachen. Ech wëll mech drop beschränken, fir Iech dat Bild ze vermëttelen, wat mir am Ausseministère a virop am Service vun der Kooperatioun fir déi nächste Jore maachen.

Wa mer Entwécklungshëllef schwätzen, da wëllt ech dorop hiweisen, dass et sécherlech méi richteg as, dass mer am Sënn vun enger internationaler Solidaritéit an engem internationale Partenariat vun Entwécklungszesummenaarbecht schwätzen.

Perséinlech gesinn ech d'Lëtzebuerger Politik op dësem Gebitt als en Effort vun internationaler Solidaritéit, deen een am Geescht vun enger gläichberechtegender Partnerschaft soll ëmsetzen.

Ech si frou, dass d'Regirung an hirer Regirungserklärung d'Politik vun der Entwécklungszesummenaarbecht an Entwécklungshëllef zu enger vun hire Prioritéite gemaacht huet.

Entwécklungszesummenaarbecht op alle Gebidder, sief dat um bilaterale Plang, dat heescht, als Lëtzebuerger Regirung mat anere Regirungen an der Drëtter Welt, och an onser Zesummenaarbecht a Relatioun mat spezialiséierten internationalen Organisatiounen, an innerhalb vun enger

ëmmer méi wichteger Zesummenaarbecht zu Lëtzebuerg tëschent den nët staatlechen Organisatiounen, do iwwerall soll de Begrëff vu Solidaritéit a Partnerschaft Virrang hun. Mir sin drop aus, déi zwee Begrëffer esou wäit wéi méiglech an onsen Iwwerleungen zur Entwécklungshëllef festzeschreiwen.

E Solidaritéitseffort op internationalem Niveau setzt selbstverständlech en Transfert vu finanzielle Mëttelen, vun Technologien a vu Wësse vun engem besser gestallte Land, wéi Lëtzebuerg et as, an d'Entwécklungslänner viraus. Fir dësen Transfert kënnen ze realiséiere gräife mer engersäits op öffentlech Gelder zréck, dat heescht, op Budgetsmëttelen, anersäits si mer awer och op déi individuell Generositéit vun de Lëtzebuerger ugewisen, déi iwwer hir Spenden un d'ONGën un dëser Solidaritéit aktiv deelhuelen.

Ech wollt op dëser Tribün nach eng Kéier ënnersträichen, dass deen Effort de solidarité vun de Lëtzebuerger e ganz groussen Effort duerstellt. Am Jor 1994 sin nët manner wéi 500 Milliounen u Spende vu Privatbiirger, respektiv vu Veräiner un ons ONGë gefloss. Dat as e ganz respektable Chiffer an de Bewäis, ménger Menung no, vum Vertraue vun engem ganz groussen Deel vun der Lëtzebuerger Bevölkerung an d'Aarbecht vun denen ONGën.

Wéi gesot, op där enger Säit staatlech Gelder iwwer de Budget an dofir vu Regirungssäit nach eng Kéier den Hiwäis op dat, wat mer schon oft an dëser Châmber gefrot gi sin, dass mer am Jor 2000 den internationale Standard vun 0,7% vum Bruttosozialprodukt wëllen erreechen.

Wann ech mir d'Ziffre vum Budget ukucke fir dëst Jor, wäärte mer bei 0,5% ukommen. Et as da liicht auszerechnen, dass an denen dräi Jor, déi ons bleiwe bis an d'nächst Jordausend mer wäärten all Jor mussen Effore maachen, fir vun 0,5 op 0,57, 0,64 an dann op 0,7% ze kommen. Dëse Standard as fir e räicht Land wéi Lëtzebuerg, a méngen Aen, eng moralesch Flicht, bleift awer eng quantitativ Richtlinn.

Grad esou wichteg, wann nët méi wichteg, jiddenfalls a méngem Versteesdemes vun dëser Politik, as et bestänneg sech Suergen ze maachen a sech ze beméien ëm Qualitéit vun den Entwécktlungshëllefsaktivitéiten, déi mir an der Drëtter Welt, sief et als Regirung, sief et als ONGë realiséieren.

Mir hun iwwregens op Uregung nët nëmme vun der OECD dermat ugefaangen, fir engem Reproche, dee mir an der Zäit konnte gemaach kréien, entgéintzewierken, dat heescht, wa mer Qualitéit schwätzen, Konzentratioun vun der Lëtzebuerger Hëllef an och Effikassitéit, fir dem Géisskaneprinzip entgéintzewierken. Mir hun ons derfir entscheed, fir eng Rei vu Länner erauszewielen mat dene mer privilegiéiert Relatiounen hun, fir esou ze erreechen, dass mer duerch eng begrenzten Zuel vu Länner eng Entwécklungshëllef kënnen erreechen, déi och zum Droë kënnt.

Jidfereen heibannen, dee sech scho mat Projetë vun ONGë beschäftegt huet oder mat der Problematik vun der Entwécklungshëllef am allgemengen, as mat mir eens, dass Entwécklungshëllef e laangwiregen, nët einfache Prozess as. Et as nët eng Saach, wou ee mat spektakulären Aktioune ka laangfristeg Erfolleg hun. Et as e permanent sech Auserneesetze mat den Ziilsetzungen an d'Ziilsetzung Nummer 1 däärf nët sin, d'Leit Jorzéngte laang einfach ze assistéieren, mä d'Ziilsetzung muss sin, fir de Leit d'Méiglechkeet ze gin, sech selwer ze hëllefen a fir hirt Schicksal selwer kënnen an d'Hand ze huelen. Doru solle mer den Impakt vun onser Entwécklungspolitik zu Lëtzebuerg moossen.

Mir wëssen, dass mer am internationale Kontext sécherlech bescheiden Zuelen opzeweisen hun, mä op där aner Säit solle mer awer beméit sin, onsen Effort esou auszeleën, dass en tatsächlech maximal zum Droë kënnt. Da muss ee sech herno konkret Froë stellen, wa mer e Projet realiséeirt hun, wat huet en tatsächlech an der alldeeglecher Praxis bewierkt. Huet en de Mënschen, fir déi mir e geplangt an duerchgefouert hun eng Grondklag fir e bessert zukünftegt Liewe geséchert?

Dat sin déi Froë mat denen ee sech permanent muss auserneesetzen.

Mir konzentréieren ons Hëllef vum Stat aus zum groussen Deel op déi äermste Länner. Méi wéi 70% vun onser bilateraler Hëllef as esou an afrikanesch Länner gefloss, mä mir wollten och present sin a Latäinamerika an an Asien, well och do et Problemer gët vu sozialer Ongerechtegkeet a Problemer gët och an dene Länner, déi mat engem bessere Bruttosozialprodukt do stin. Munch afrikanesch Länner hu Problemer vun der sozialer Emverdelung vum Räichtum. Déi Leit vun der Châmberkommissioun, déi op där enger oder anerer Reess derbäi waren, wëssen, vu wat ech elo schwätzen.

Dann hu mer ëmmer eng Fro, déi ee ka stellen an déi ëmmer erëm gestallt gët. Firwat dat eent Land an nët en anert?

Mir hu versicht an dene leschte Joren eng Rei Länner opzehuelen an de Krees vun denen, déi e bësse privilegiéiert behandet gin an d'Ursaachen dofir si verschiddenaarteg, souwuel historesch, kulturell an och politesch. Et liicht jidderengem heibannen an, fir wat mer zum Beispill de Cap-Vert als Ziilland gesicht hun.

Mir hun Namibien vun 1990 un, wou d'Land an d'Onofhängegkeet komm as a séngem Demokratiséierungsprozess ënnerstëtzt. Ons Presenz an Zentralamerika, El Salvador an Nicaragua, huet och eng politesch Motivatioun. Mir hu versicht duech eng geziilt Hëllef, fir déi äermsten Deler vun der Bevölkerung

Sozialverbesserungen ze erreechen an domat e klenge Beitrag zur Festegung vun der Demokratie vu Lëtzebuerg aus bäizedroen.

Ech wëll och nët verheemlechen, dass wat Südamerika ugeet, mer op d'Erfarung vun enger Rei vu Lëtzebuerger zréckgegraff hun, déi laang Joren an der Entwécklungshëllef ganz nëtzlech Aarbecht gemaacht hun. Ech géif och an Ärem Numm, wann Der erlaabt, wëllen all dene Leit, déi zënter laange Joren an der Drëtter Welt schaffen onse Merci an onse Respekt iwwermëttelen.

D'Grënn, fir wat mer de Mënschen am Gaza Sträifen zum Beispill mam Bau vun zwou Klinicken an engem grouss ugeluegte Bewässerungsprojet hëllefen, brauch ech ebenfalls nët länger ze erklären.

Mir hun, wat d'Pays-cibles ugeet, versicht eng objektiv Ziilsetzung ze verfollegen, och wann ech zougin, dass ons Kritären flexibel sin an dass ech der Menung sin, dass se solle flexibel bleiwen.

Mä déi privat Donen, deen den Nët-Staatsorganisatiounen zoufléissen an déi duerch onse Co-Finanzementsschema oft multipliziéiert gin, hun erfreelecherweis och zu Lëtzebuerg an dene leschte Jore konstant zougeholl. Dat as am Abléck nach am Widdersproch zu enger Situatioun an aneren europäesche Länner, wou ee gesäit, dass et eng gewësse Middegkeet gët, fir sech fir d'Aktioune vun der Drëtter Welt

och finanziell ze engagéieren. Mir si frou driwwer, dass zu Lëtzebuerg den Effort matgedroë gët vun de Leit, mä mir sollen nët aus den A verléieren,
dass och hei zu Lëtzebuerg op deem Gebitt sécherlech nët d'Beem wäärten an den Himmel wuessen.

Iwwer déi verschidden Instrumenter, déi mir asetzen, fir ons Politik an d'Praxis ëmzesetzen, kann ee selbstverständlech diskutéieren. E lokale Projet vun enger ONG verlaangt aner finanziell an technesch Mëttelen wéi zum Beispill grouss Restrukturéierungsprogrammer vun nationalen Infrastrukturen, esou grouss Programmer wéi zum Beispill den europäeschen Entwécklungsfong se duerchféiert.

Mir sin ons bewosst, dass déi verschidden Zorte vun Interventioun, sief et bilateral, multilateral oder duerch d'ONGën hir ege Mériten, Virdeler mä och zum Deel Nodeler kënnen hun.

Ons as et also dru geleën zu Lëtzebuerg ze versichen, esou gutt wéi méiglech, d'Koordinatioun tëschent denen eenzelnen Instrumenter, déi mir selwer hun an déi ons ONG-ën asetzen, kënne beschtméiglechst ze garantéieren.

Dann hu mer selbstverständlech d'Suerg vun de Secteuren an dene mer als Lëtzebuerg sollen ons Effore konzentréieren. D'Châmber huet hei e Gesetz ugeholl am Spéithierscht 1995, wat ons erlaabt all Aspekter vun der Lëtzebuerger Entwécklungspolitik ze beréieren an ze regelen. Och dora gët geschwat vun den Haaptsecteuren, wou mer aktiv solle sin. Et as dat d'Gesondheetswiesen, d'Erzéiung, d'berufflech Formatioun, d'integréiert Entwécklung vum ländleche Raum, mä och d'Formatioun an d'Promotioun vun der Roll vun der Fra a last but not least d'Emweltproblematik.

Mir stin och am stännegen Dialog mat den ONGën zu Lëtzebuerg a mat den internationalen Organisatiounen, mat dene mer zesumme schaffen.

Den Dialog hei heem an och an der westlecher Welt as wichteg, mä geet nët duer, well wat as e Projet wäert, wann en nët mat de Leit, fir déi e geduecht as, geplangt an duerchgefouert gin as. Jiddereen heibannen as sechbewosst, dass d'Liewensdauer vun engem Projet, deen iwwer de Kapp ewech vun denen, fir deen e geduecht as, identifizéiert, formuléiert an ëmgesat gët, am Fong geholl ganz kuurz ka sin.

Den Dialog mat de Leit aus den Entwécklungslänner as dee beschtméiglechen Effort a Saachen Entwécklungshëllef a mir mussen deen Dialog weider förderen.

Mä och den Dialog mat den Entwécklungslänner muss op verschiddenen Niveauë gefouert gin. Et geet nët duer, dass mer mat enger Regirung diskutéieren, mat verschiddene Ressortministeren, wat ons zwar en allgemengen Iwwerbléck iwwer déi sozial, politesch a wirtschaftlech Situatioun vum Land ka vermëttelen, mä och déi lokal a regional Autoritéiten,  déi d'Problemer an d'Bedürfnisser vun de Leit am beschte kennen an dofir do sin, fir hir Problemer hëllefen ze léisen, musse mat agebonne gin.

Dann eppes, wat mer besonnesch um Häerz läit. Dat as d'Koordinatioun um europäesche Plang vun denen eenzelnen Entwécklungspolitiken. Mir als Lëtzebuerger sin aktiv doran um europäeschen Niveau, fir déi Iddi weider ze verdéiwen an ze ënnerstëtzen. Mä, loosse mir ons näischt virmaachen. Munchereen an der Europäescher Unioun gesäit eng besser Koordinatioun an eng besser Integratioun vun der europäescher Entwécklungshëllef nët ganz gären an dat aus deem einfache Grond, well domat ganz oft den Afloss vun der egener nationaler Politik a verschiddene Länner vun der drëtter Welt verbonnen as.

Dat muss ee gesinn, mä dat soll ons nët dervun ofhalen trotz alle Schwiregeketen, dass mer dee Punkt als ee vun den Haaptuleiesse vun onser Présidence wäärte gesinn. Et as och dee Punkt, dee wäärd fir déi meeschten Diskussiounen innerhalb vun der Europäescher Unioun an den nächste Jore féieren.

Ech hu gesot op bilateralem Plang fir d'éischt den Dialog mat der Regirung, mat där mer och de juristesche Kader aushandelen, deen ons d'Basis gët, fir kënnen d'Zesummenaarbecht tëschent Lëtzebuerg an deem Land ze regelen, an och eng Diskussioun natiirlech mat deem zoustännege Ressortminister, déi ons nët entbënnt vun deem, wat ech virdru gesot hun, fir de Verflichtungen nozegoen um lokale Plang an där Géigend, an deem Duerf, wou de Projet soll durchgezu gin.

Well wien anescht wéi de Betraffenen as besser gestallt, fir séng Situatioun anzeschätzen, wie besser wéi hie kann ons soen, op wat fir eng Manéier nëtzlech ka gehollef gin.

No enger Rei vu Joren an och domat verbonnen, positiv an och manner positiv, - dat muss een esou gesinn - Erfarungen, sin ech perséinlech der Menung, dass an der Entwécklungshëllef nach eng aner Dimensioun ganz oft ze kuurz kënnt. Dat as déi vun der Bescheidenheet vun dene jéinegen, déi am Fong do sin, fir ze hëllefen. De Geldgeber ganz oft, bewosst oder onbewosst, huet d'Tendenz ze mengen, well hien et as dee bezillt, hien och deen as, dee soll bestëmmen, wou et laanggeet.

Dat as nët richteg. Ménger Menung no, huet d'Solidaritéit an d'Partnerschaft nëmmen e Sënn, wa mer nët an alle Phase vun de Projetën, iwwer d'Identifikatioun hin zur Realisatioun a bis hin zum Suivi nët d'100%eg Akzeptanz hu vun dene Leit, fir déi mir plangen a bauen oder och aner Projetë maachen. Mir mussen déi Garanti hun an d'Leit mussen d'Gefill hun, gläichberechtegte Partner ze sin. Dat as e wichtegt Element, wat mer an Zukunft nach méi wéi bis elo an ons Iwwerleunge mat abauen.

D'Schaffe vun de Lëtzebuerger ONGën as vun enger grousser Wichtegkeet, nët nëmmen an de Länner vun der Drëtter Welt, wou si ganz oft mat lokale Partner eng exzellent Zesummenaarbecht hun, mä och hei zu Lëtzebuerg, well si am Fong geholl, déi Lëtzebuerger Entwécklungspolitik hëllefen, - wann ech dat esou däärf formuléieren - verkafe bei der Opinion publique. Dat heescht, och d'Leit hëllefen ze sensibiliséieren, fir dass mer weider op dem Wee gin, dee mir ons virgeholl hun an der Drëtter Welt ze goen.

Mir sin och gutt beroden, wa mer versichen d'Synergien tëschent deem, wat mir am Ministère maachen an deem wat d'ONGë maachen, weider auszebauen a voll auszenotzen. Mir wëlle kee forcéieren zu eppes. Mir wëllen an engem echten Dialog, an echter Partnerschaft, déi Aarbecht vun den ONGë weider optimiséieren.

Mä och wichteg as d'Relatioun vun ons mat Vertrieder vun internationalen Organisatiounen. Et as nët esou, dass mir wëllen an den internationalen Organisatiounen onbedingt onse finanzielle Beitrag eropsetzen, mä mir hun e vitalen Intérêt drun op d'Logistik vun den Informatioune vu verschiddenen Hëllefsorganisatiounen, déi laangjäreg Erfarung a verschiddene Länner hun an déi och do permanent vertruede sin, kënnen zréckzegräifen. Ech denken do zum Beispill u Programmer vun dem PNUD, dat as de Programm vun de Vereenten Natioune fir d'Entwécklung, un d'Programmer vum europäeschen Entwécklungsfong an och un

d'Programmer vun der Weltgesondheetsorganisatioun, wou mir un Informatiounen nët erukommen, well mer nët an dene Länner virdru waren an dorop kënnen opbauen.

Ech hun och kee Problem dermat, dass een op bestehend Erfarungen zréckgräift. Dat hu mer zum Beispill gemaacht um Cap-Vert, wou mer vun der Erfarung vun den Holländer profitéiert hun, fir eng Rei vu Projetën duerchzezéien, wat ons double emploi bei verschiddenen Etüden erspuert huet a wat och sécherlech nët nëmmen d'Etüd erspuert huet, mä och vill Geld gespuert huet.

Wa mer higin um bilaterale Plang a mir schwätze vu Partenariat, dann heescht dat, dass a kengem Moment däärf laanscht de Bénéficiaire geschafft gin. Och ons Suerg soll et sin, wa mer bei internationalen Organisatioune

Projetën mat finanzéieren, dass mer virop d'Sécherheet hun, dass d'Land dee Projet wëllt an dass déi lokal Autoritéiten an d'Leit selwer dee Projet kënnen a wëllen duerchgefouert hun.

Ee vun de Problemer, deen een ëmmer erëmfënt an den Diskussiounen iwwer d'Drëtt Welt an d'Situatioun a verschiddene Länner, as dee vun der Demokratie, dem Respekt vun de Mënscherechter.

Et si sécherlech wichteg Prinzipien un déi mir ons als Lëtzebuerger Regirung wëllen halen, mä déi awer heiansdo op Onversteesdemes stoussen, wann irgendwéi e Problem an engem Land kënnt, dass da jidferee mengt, mir missten all Hëllef an deem Land direkt astellen. Mir plangen a mir schwaffen awer nët fir Regirungen, mir schaffe fir déi Leit, déi mannerbemëttelst an dene Länner, esou dass et heiansdo esou as, dass déi Leit am Fong geholl méi getraff gin, wa mir ee Formatiounsprojet stoppen oder aner Projetën ouni kënnen a wëllen d'Situatioun vun de Leit selwer a Betracht ze zéien.

Dat wëllt natiirlech nët soen, dass et schon zu esou Aktioune komm as, wou mir entweder déi ganz Hëllef agestallt hun oder verschidde Projetën. Ech erënneren drun, dass mer d'Formatiounesprojetën am Niger weidergefouert hun, mä den Televisiounsprojet an de Radiosprojet vun der Regirung gestoppt hun, deen elo an engem anere Land, dem Cap-Vert wäärd duerchgefouert gin.

Ech mengen, wat wichteg as, dat as eng qualitativ gutt Aarbecht, déi och soll vun Dauer sin. Et gët nët honnert Manéieren, fir dat ze kontrolléieren an ze garantéieren. Mir mussen derfir suergen, dass mer duerch eng permanent Evaluatioun vun onser Aarbecht ons selwer an dat, wat mer wëlle maachen, ëmmer erëm a Fro stellen.

Mir hun derfir gesuergt, dass niewent dene Kontrollen, déi mir kënnen am Ministère selwer duerchféieren, dass och d'Lux-Development engem Audit ënnerzu gin as. De Rapport heiriwwer hu mer an der Châmberkommissioun virgestallt. D'Châmberkommissioun selwer, wann ech gutt informéiert sin, hat d'Geleënheet déi Leit vun där Agence ze héieren an dee Rapport as zefriddestellend ausgefall, och wann eng Rei vun Iwwerleungen ugestallt gi sin, fir déi Aarbecht nach méi effikass kënnen ze gestalten.

Desweidere gin dëst Jor fënnef ONGën um finanziellen an operative Plang, och vun engem onofhängege spezialiséierte Büro iwwerpréift. Dat heescht nët, dass mer kee Vertrauen hun, dass et aus engem Mësstrauen eraus as, wat d'Aarbecht vun den ONGën ubelaangt, wou mir dat maachen, mä mir sin der Menung, wéi iwwregens d'ONGën och, dass mer onse Matbiirger zu Lëtzebuerg et schëlleg sin, fir dass se op dës Aart a Weis kënnen novollzéien, dass mat den öffentleche Gelder, dat heescht, mat de Steiergelder, nët mat hire private Spenden, kee Muttwëll bedriwwe gët, mä datt d'Hëllef och sécher denen zegutt kënnt, fir déi se geduecht as.

Bei der Evaluatioun konnte mer nët wéi gewënscht aktiv sin, well Personalmangel am Service vun der Kooperatioun ons dat nët erlaabt huet, mä d'Personalopstonckungen, déi awer nach nët deem entspriechen, wat mir ons virstellen, erlaben elo op deem Gebitt méi aktiv ze gin. Mir wëllen och do keng grouss Bürokratie opbauen. Et geet ons awer drëm, fir déi Saach esou pragmatesch wéi méiglech unzegoen an dofir wëlle mer verstäerkt op d'Hëllef vu baussen, dat heescht, vum Privatsecteur zréckgräifen.

Eng vun den neien Iddiën niewent dene spezialiséierten Agencen, déi et do gët, as déi, dass mer versiche wäärten an nächster Zukunft mt de Leit vum Institut supérieur de Technologie zesummen ze schaffen, wou e grousst Potential Wëssen do as a wou d'Bereetschaft besteet mat ons zesummen un der Evaluatioun vun de Projetën ze schaffen, eng Evaluatioun, déi et mat sech bréngt, dass mer nët nëmme kënne kucken, wéi ee Projet ausgefall as, mä déi och fir d'zukünfteg Orientéierung vun onser Entwécklungshëllef ganz wichteg as.

Et gët ëmmer erëm Diskussiounen ëm de Rapport tëschent Entwécklungshëllef an Aussenhandel. Et as esou, dass mer kee Projet maachen, nëmme well e kënnt fir déi eng oder aner Lëtzebuerger Entreprise interessant sin.

Et gët keen direkten Zesummenhank, dat betounen ech hei ganz ferm, tëschent der Entwécklungshëllef an dem Aussenhandel. Mä ech gesinn awer nët, wa mer hei zu Lëtzebuerg technesch Kompetenzen hun oder Produkter, déi an engem Entwécklungsland nëtzlech kënnen agesat gin an déi et an deem Land nët gët, mer iwwerhaapt dat nët däärfte maachen. Ech mengen, op där enger Säit hëllefe mer doduerch de Leit op der Plaz selwer an derniewent séchere mer zu Lëtzebuerg eng Rei Aarbechtsplazen of.

Wa mer zréckkucken op 10 Jor Lëtzebuerger Entwécklungshëllef an Zesummenaarbecht, da kann ee soen, dass mer all zesummen, trotz enger Rei vun Onzoulänglechketen awer munches konnte bewegen. A wann ech all betounen, da mengen ech, nët nëmmen d'Regirung, de Ministère an déi Leit, déi do eng gutt Aarbecht maachen.

Ech schwätzen nët vun dene politesch Verantwortleche mat der gudder Aarbecht, mä ech schwätze vun de Beamten, an och de Leit vun den ONGën, dann de Membren aus dësem héijen Haus an allen Acteuren um Gebitt vun der Entwécklungshëllef.

Et as eng Innovatioun, déi mir agefouert hun, dass Deputéiert kënne mat op ons Missioune goen, wou mer an Entwécklungslänner Projetë kënne begutachten a si dann och kënnen hir kritesch Bemierkungen selwer virbréngen.

Virun allem hun mer an dene leschte Joren, déi finanziell Moyenën eropgesat. Ech wëll jhust drun erënneren, dass den Entwécklungsfong iwwer deen e Projet ka cofinanzéiert gin, 1986 mat 99 Milliounen dotéiert war. Deen as dëst Jor mat 1,52 Milliard dotéiert. D'Gesamtenveloppe war 1989 manner wéi 650 Milliounen a kënnt dës Kéier un d'3 Milliarde Grenz erun.

Mir hun an dene leschte Joren d'Entwécklungshëllef diversifizéiert mat neien Instrumenter, fir esou kënne méi effikass ze schaffen. Weider hu mir kënnen eng egestänneg

Entwécklungshëllef zu Lëtzebuerg op d'Bee stellen a mir wäärte versichen an Zukunft mat den ONGën zesummen dës Aarbecht weider auszebauen.

Ech hun et e puermol betount, eent vun onsen Haaptuleiessen as wéi mer d'Qualitéit vun der Aarbecht, déi an den Drëttweltlänner gemaach gët, kënne garantéieren. Et as klor, dass dat ee vun de wichtegste Punkten as. Et geet nët duer, dass wa mer e Projet realiséiert hun, zum Beispill en Dispensaire oder eng Schoul gebaut hun, dass wann déi fäerdeg sin, mer de Schlëssel ënnert d'Dir leën ouni, dass mer wëssen, dass dee Projet sech selwer kann droen. Et as also wichteg déi Organisatioun op der Plaz ze fannen, déi e sënnvolle Gebrauch vun onsen Ariichtunge ka maachen a se responsabel ka geréieren.

Mir sollen ons ëmmer virun Aen halen, fir wien dass mer schaffen. Ménger Menung no, nët fir international Finanzkritären ze erfëllen. Dorëms geet et nët.

Ménger Menung no geet et nët drëm, fir international Finanzkritären ze erfëllen. Et geet och nët drëm, héichwäerteg Technologien do anzesetzen, wou se vu kengem Notze sin. Et geet virun allem ëm de Mënsch an dodrëm, séngen Iddien entspriechend, ee verbessert Emfeld ze schafen!

Här President, Dir Dammen an Dir Hären. Ons Dialogbereetschaft am Ministère, fir ëmmer erëm permanent ons Politik ze hannerfroen, wann dat néideg as, fir nei Impulser ze gin, bleift och weiderhin e Bestanddeel vun onser alldeeglecher Aarbecht.

Mir hun an de leschte Jore versicht verschidde Saachen an d'Wee ze leden. Et soll haut nët esou sin, dass mer soen, et wir alles Paletti, wat mer gemaacht hun, a mir hu sécherlech zu Lëtzebuerg d'Rad an der Entwécklungshëllef nët nei erfond, well dat wir relativ schwéier, mä ech wëll awer drop hiweisen, dass mer frou si fir all kritesch a konstruktiv Uregung, déi mer kënne mat an ons Iwwerleungen erabréngen, fir d'Kooperatioun op d'Jor 2000 virzebereden.

Ech soen Iech merci.